N° 6699
Entrée le 23.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.08.2022

adr

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Déi héich Inflatioun bedeit fir d'Bierger allgemeng e substanzielle Kafkraftverloscht. Nieft dem Verzicht ginn d'Leit a verschiddene Länner vun der Eurozon awer och ëmmer méi dacks mat existenzielle Froe konfrontéiert. A Frankräich huet d'Zuel vu Privatleit déi den Obligatiounen aus hire Prêten net méi nokomme kënnen de leschte Mount ëm 30 Prozent par Rapport zum Juli 2021 zougeholl. An Däitschland rechent de Verband vun de Spuerkeesen domat, datt geschwë 60 Prozent vun de Leit guer näischt méi spueren an domat och keng Reserven fir kuerzfristeg net geplangt Ausgabe méi opbaue kënnen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi d'Entwécklung vun der Ausfallquot vu private Scholden zu Lëtzebuerg pro Mount iwwer d'Joren 2018 bis 2022 (Juli inclus) dokumentéiert?
2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi, déi duerchschnëttlech Spuerquot vun de Lëtzebuerger Stéit iwwer d'Joren 2018 bis 2021 dokumentéiert a preziséieren, wéi héich jeeweils den Undeel vun deene Stéit war, déi guer keng Sue méi op d'Säit leeë konnten?
3) Mëttelfristeg kann eng méi geréng Spuerquot sech och negativ op d'Verfügbarkeet vu Kapital an domat d'Investitiounsméiglechkeete vun de Betriber auswierken. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren déi d'Entwécklung vun der Gesamtspuerquot vun eiser Ekonomie a Relatioun zum PIB fir d'Joren 2010 bis 2021 dokumentéiert a preziséieren vu wéi engen Erwaardungen si opgrond vun der aktueller Kris fir d'Joren 2022-2025 ausgeet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten